# „Lidderuucht“: Concert am Pontalize zu Ettelbréck

Am Kader vun hirer Concertsrei „Cosanopo“ invitéiert de Centre Pontalize vun Ettelbréck fir haut Samschdeg, de 27. Februar, um 15 Auer op e Concert mat der Musiksgrupp „Lidderuucht“. Ënnert der Leedung vum Claude Hornick dréit d'„Lidderuucht“ traditionell Lëtzebuerger Lidder vir, dëst zum Deel an Originalkostümen aus der Zäit vun 1820 bis 1890. Dëse Concert gehéiert zu de kulturelle Veranstaltungen vum Centre Pontalize an ass fir jidderee fräi a gratis zougänglich.

LUXEMBURGER WORT
27 FEBRUAR 2010